Michel Lentz,

# Ons Heemecht

Wou d'Uelzecht duerch d'Wisen zéit,
duerch d'Fielsen d'Sauer brécht,
wou d'Rief laanscht Musel dofteg bléit,
den Himmel Wäin ons mécht –
dat ass ons Land, fir dat mir géif
hei nidden alles won.
Onst Heemechtsland, dat mir sou déif
an onsen Hierzen dron.

O Du do uewen, deem seng Hand
duerch d' Welt d'Natioune leet,
behitt Du d'Lëtzebuerger Land
vu friemen Joch a Leed!
Du hues ons all als Kanner schonn
de fräie Geescht jo ginn.
Looss virublénken d'Fräiheetssonn,
déi mir sou laang gesinn.

*Verkinto de tiu ĉi Leceburga poemo estas* Michel Lentz *(∗1820 – †1893).*

*Arg-92-186 (2003-12-10 21:48:07)*